Komiteesversammlung vum 4. März 2009

Wou: Motty

Présent: Marie-Paule, Raoul, Fränz, Susanna, Vlad, Tessy, Marianne

Absent: /

Themen:

1. Swisscup
2. Clubrees
3. Schroeder Présentatioun
4. Global Village
5. Diplomanteniessen
6. ACELs Studentenbaal
7. Lausannerbaal
8. Verschiddenes

---

1) Swisscup

- Moies Croissanten kaafen goen (Marianne)
- et ass eng Buvette an der Sportshaal wou mer kennen benotzen
- et därf keen Béier an der Haal selwer oder an den Duschen gedronk ginn
- d'Susanna kann vun der Aiesec nach Béier gratis kréien
- d'Haal hunn mer vun 9 bis 6 Auer owes
- 1. Match ass um 9.30
- Bus Korrespondenzen fir an d'Haal ze kommen an d'Messageboard schreiwen
- Friburger kommen mam Zuch, Zürecher mat Camionetten
- mer mussen keen Parking bezuelen firun der Haal
- d'Anlach ass beim Fränz, den Vlad mecht d'Playlist
- huelen dem Vlad sain Computer fir d'Musek
- eng Peif kaafen goen (Fränz)
- d'Marianne brengt eng Coupe an en Fussball mat
- den Raoul geet Scotch kaafen fir den Terrain anzezeechnen
- den David muss weiblech ginn ;)
- Schloofplaatzen: Nathalie 1, Raoul 2, Vlad 2
- den Claude no engem Volleyball froen
- owes nom Restaurant an en Café (sur place kucken) an dono Jaggers
- d'Camionette mat den Zürecher wou zu Lausanne schlofen kann een zu Renens parken

2) Clubrees

- Restauranten wou mer hinginn sinn na net décideiert (Fränz an Susanna)
- 1. Owend eventuel eng Pizzeria
- 2. Owend méi chic
- Dossier muss na gema ginn (Fränz)
- beim Swisscup nokucken wei den Budget ass (Marianne)an wat en eis kascht an dann kucken wat mer bei d'Clubrees beiléen
- Mettes gett naischt baigelued
- Restaurant Menu kann bis zu 30€ sinn
- den Fränz schreiwt fir Ouschteren eng Mail fir ze froen ween well Chaufeur sinn (2 pro Camionette) an ween wini well fortfueren (Delai: Ouschterdenschdes)
- d'Susanna huet schon eng Virlag fir den Dépliant gema, den Raoul mecht en färdeg mat den Auerzaiten vun den Restauranten an den Départen bei der Jugendherberg
- am Dépliant an an der Mail (Méindes no der Vakanz) erwähnen dat d'Leit sollen oppassen
- d'Chaufeuren bezuelen den Benzin an den Péage selwer an kréien dono d'Suen rem

3) Schroeder Présentatioun

- fir den Apéro kreien mer 120 chf vun Schroeder
- mer ginn net an den Sat
- den Raoul an den Adrien ginn fir den Apéro an d'Aligro akaafen (an engems och Waaser an Béier fir den Swisscup)

4) Global Village

- d'Béierzaapanlaag beim Sat nofroen
- na kleng Fässer Béier kaafen goen (2 vun 10 Liter)
- dem Raoul seng Elteren brengen den 1. Mee 30 Mettwurschten an Kachkéis (wann en sech laang genuch hällt) mat
- d'Marianne huet nach e puer Déplianten
- d'Susanna mecht eng Demande de Subsides beim Ministère du Tourisme an freet nach fir Déplianten ze kréien
- den Raoul brengt d'Anlaag fir d'Musek mat
- Problem fir en Computer ze fannen fir d'Musek, eventuel dem M.P. sain Ipod (wann en kompatibel ass), um Swisscup nokucken op et geet

5) Diplomanteniessen

- Budget 1000 chf
- bleiwt den 30.05.09
- den Raoul freet nach bei deenen no wou net geäntwert hunn
- Menu Prais 50-60 chf
- am Tribecca, Kaizan, l'Esquisse, an am Angleterre Praiser nokucken (Raoul)

6) ACELs Studentenbaal

- den 17.07.09
- fir d'éischt bei den Schweden nofroen, dann bei den Britains an dann bei den Zürecher (M.P.)
- mer mussen d'Memberen motivéiert kréien fir mat ze hellefen, soss mussen mer eng Stroof bezuelen wann net genuch Leit do sinn

7) Lausannerbaal

- Clausen: na net erausfonnt ween do zoustänneg ass
- Demande de Navette ass fortgescheckt mee ass na keng Aentwert komm
- Problem: Gerüchter dat den Red vlait Faillite mecht
- beim Wiking Conditiounen nofroen (bei den Schweden nofroen: M.P.)
- oder eventuel am Verso nofroen

8) Verschiddenes

- probeieren sech mat den Mailen ze beschränken an emmer am Titel erwähnen em wat et geet
- wann mer keen Chalêt fannen fir d'Aweiung kreien, sichen mer en Refuge (nofroen dat méi wéi 30 Leit ren därfen)
- Poloen: 20 chf als Prais fir d'Memberen
- den Raoul bestellt den Caliquot (1x1,8m)
- mer wiesselen den Server (hosteurope.de)
- aus dem Velostour op Letzebuerg eventuel eng Clubaktivitéit maan